Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Mäerz 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Staatsminister, den Aarbechtsminister, den Ausseminister, d'Ministesch fir Digitaliséierung, de Minister fir den ëffentlechen Déngscht, den Ekonomieminister, den Ëmweltminister, de Familljeminister, de Finanzminister, d'Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, d'Gläichstellungsministesch, d'Héichschoulministesch, den Inneminister, d'Justizministesch, d'Konsumenteschutzministesch, de Kooperatiounsminister, de Kulturminister, d'Landwirtschaftsministesch, de Logementsminister, de Schoulminister, d'Sportministesch, d'Verdeedegungsministesch an d'Verkéiersministesch weiderzeleeden.

De Staat finanzéiert iwwert déi verschidde Ministèren eng Rei vun ONGen, respektiv ënnerstëtzt se mat Sachleeschtungen, wéi d'Bereetstellung vu Raimlechkeeten oder anerem.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert wéi eng ONGen am Budgetsjoer 2025, finanziell oder ënner Form vun enger Sachleeschtung Ënnerstëtzung vum Staat kruten, ëm wéi ee Montant oder ewéi eng Form vu Sachleeschtung et sech dobäi jeeweils gehandelt huet, wéi vill dat am zweete Fall all Kéiers kascht huet an de jeeweilege Ministère oder aner ëffentlech Institutioun, iwwert déi déi eenzel Zouwennunge gefloss sinn, preziséieren?

Mat déiwem Respekt,

Keup

Fred Keup
Deputéierten